ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 22/12/2022

Rapport vun der Feld- an Bëschwee Kommissioun

Sëtzung vum 23 November 2022

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥7)	Net present	Observateuren a Experten
Jean HENSEL	Serge ERPELDING (President) (entschëllegt)	
Joël HERREN	Joe HEINZ (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Sekretär)	Marc HOFFMANN (net entschëlleg)	
Luc LESCH	Carlos MOREIRA CARDOSO (entschëllegt)	
Gilles LOSCH	Henri NOESEN (entschëllegt)	
Daniel RIEDEL		
Arlette SCHARTZ		
Emile SPLICKS		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst.

- Begréissung a Präsenzlëscht

1. Remarquen zum leschte Rapport
2. Informatioun' s Owend zum nationalen Vëlo' s Wee duerch eis Gemeng
3. Spadséier Spadséier-Wee laanscht Biischterwiss bis an Téinten
4. Spadséier Wee vun der Deponie bis zum Kräiz (Entrée alt Schlass)
5. Nächst Sëtzung

Punkt 1 : Remarquen zum leschte Rapport

De Rapport vum 6 Oktober gouf eestëmmeg approuvéiert

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 22/12/2022

Punkt 2 : Informatioun' s Owend nationale Vëlo' s Wee duerch eis Gemeng

Nodeems an eiser leschter Sëtzung iwwer "Douce Mobilitéit an séchere Schoulwee" reportéiert gouf, komm eng Aluedung vun der Gemeng un Bierger fir een Informatioun' s Owend zesummen mat Ponts et Chaussées iwwert dee nei geplangten nationalen Vëlo 's Wee (Piste cyclable), deen duerch Gemeng Helperknapp féiert. Zwee Kommissioun Memberen déi op der Veranstaltung präsent waren hunn d' Kolleegen an der Sëtzung informéiert.

Am Resumé, kann ee festhalen dat et schwéier war fir all Eenzelheeten ze verhalen, well keng Ënnerlagen verdeelt goufen an well d' PowerPoint Projektioun vun der Ponts et Chaussées net detailléiert genuch fir eng Präsentatioun am grousse Sall vum Koschteschbau.

Et handelt sech awer ëm een neien Tracé dee warscheinlech vun Schëndels iwwer Keespelt/Meespelt, Märjendall, Huelmes, laanscht Téinten op Brouch, Bëschdref a Béiwen un der Atert féiert. Um geographeschen Plang (Kopie vun der Web Säit Ponts et Chaussées) geséit een d' aktuell Situatioun vun den besteeënden Vëlo' s Pisten, an et kann een sech ausmolen wéi déi néien Wee verlafe kënnt.



E puer markant Plazen vun der Piste duerch eis Gemeng goufen ugeschwat. Ënner anerem de Beräich Märjendall mat enger nei Gestaltung vun der Opfaart Huelmes an verschidden Upassungen Richtung Meespelt. An dann den Passage duerch Bricherlächer, deen laanscht CR verlafen soll, mat der Schwieregkeet dat hei eng staark Pente z' iwwerwannen ass. Et gouf och präsentéiert dat Gebai vun der Jugendherberge zu Huelmes soll moderniséiert an ëmgebaut ginn.

Den Auditoire huet begréisst dat ee Vëlo' s Wee duerch d' Gemeng geplangt ass an verbonnen geet mam nationalen Reseau vun de "Pistes cyclables" . Et goufen dono Wuertmeldungen mat Proposen vun verschiddenen Bierger, deels iwwert déi gutt Initiative, awer haaptsächlech iwwert eventuell Konsequenzen wéi z.B. d' Ubannung vun Huelmes un CR-Netz ouni grouss Ëmweeër an Transit duerch Téinten.

Helperknapp, 22/12/2022

Punkt 3 : Spadséier-Wee laanscht Biischterwiss bis an Téinten

Dëse Punkt gouf schonn an der Sëtzung vum 25 November 2021, Punkt 7, diskutéiert. Et Problem ass de Follgenden, wann een vum Séngels (Mutter Gottes) a Richtung Téinten spadséiert, an den Feldwee duerch den Hiirt erof geet bis bei d' CR112, da muss een 160m um Stroosse Rand goen bis an Téinten eran. Dat ass geféierlech a net einfach, well dës Strooss vill befueren ass. Ab dem Haus Nr. 27 huet een dann en Trottoir. Fir dat z' entschäerfen ass Propose vun der Kommissioun fir laanscht d' CR112 oder duerch Biischterwiss ee Spadséierwee unzeleeën.

De lénken Plang bitt hei eng Iwwersiicht. D' Preservéieren vun der Natur ass elementar a virrangeg. An der Sëtzung sinn e puer Alternativen diskutéiert ginn ouni hei an den Detail ze goen. Gemeng muss déi eenzel Proprietären vun den Terrainen invitéieren fir mat hinnen eng Léisung auszeschaffen. Well Gemeng och een vun den Proprietären ass, gouf doriwwer geschwat, dat eventuell en Terrain Tausch zur Léisung kënnt bäidroen.

Als Bäispill, op der Foto ënnendrënner, een Trëppelwee laanscht CR106 an der Entrée vun Stengefort, deen virun e puer Joer ugeluecht gouf.

Helperknapp, 22/12/2022

Punkt 3 : Spadséier Wee vun der Deponie bis bei Kräiz (Entrée alt Schlass)

Dëse Punkt gouf och an der Sëtzung vum 25 November 2021, Punkt 4, diskutéiert. Och hei wier et fir Foussgänger méi sécher wann se net um Stroosse Rand missen vun der Deponie bis zum Kräiz (Entrée Schlass) goen fir dann a Richtung Waasser Reservoir a Brouch weider ze trëppelen. Um CR113 sinn hei 90 Stonnekilometer mat engem Gefier erlaabt.

Den Terrain gehéiert awer zum Ansebuerger Schlass an do huet de Proprietaire an der Tëschenzäit gewiesselt, esou dass et ongewëss ass wat bei enger Entrevue mat him eraus kéim. An der Sëtzung si mir mol dovun ausgaang dat et mat engem schmuelen Passage just hannert de Stroosse Beem géif duergoen.

Punkt 4 : Nächst Sëtzung

Mir haten leider keen neien Termin festgeluecht. **Ech proposéieren awer den Mëttwoch 22 Februar, no der Fuesvakanz, um 20h am Gemengerot Sall**, deen ech awer nach reservéieren muss.

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.